PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/07/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

A senger Äntwert op meng Fro N° 822 huet de Minister Bausch geschriwwen: « *d'Tariffer fir d'Parke leien am internationale Verglach scho bei deene Bëllegsten* » ouni z'erklären vu wou dës Ausso kënnt oder wéi eng Daten dës Ausso ënnermaueren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Op wéi eng Daten berifft sech de Minister fir dës Ausso ze treffen?
2. Kann de Minister der Chamber déi Studien respektiv Artikelen zur Verfügung stellen?
3. Berücksichtegen dës Studien oder Artikelen de besonneschen Ëmstand, deen ech a menger Fro N° 822 opgeworf hunn, vu Leit, déi manner wéi eng Stonn parken fir een Familljemember oder Bekannten um Fluchhafe sichen ze goen? Falls nee, wéi kënnt de Minister zu der Ausso, déi en a senger Äntwert formuléiert huet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député